Dëst war also eng Warnung, ma gekuscht huet duerfir den Alphonse Guillon sech nët. Déi Lëtzebuerger Preisen hu sech an der VDB zesummefond, haten also eng offiziell Organisatioun, sin ëmmer méi frech gin, an du sin och perséinlech Rancunen, wéi se an all Duerf bestin, politesch exploitéiert gin an hu munchem gudde Lëtzebuerger d'Liewen zur Hell gemaach. Bei Guillons war dat och esou. An nodeem e puer Méint méi spéit de Gau Moselland an d'Zivilverwaltung ënner dem Gauleiter Simon de Kommando iwwerholl haten, as den Drock stänneg méi grouss gin, d'Schikane méi prezis, wéi d'Convocatiounen an d'Villa Pauly, déi sech ofgeléist hun. Domat sin d'Familjen terroriséiert gin, an dat Ganzt gouf approuvéiert vu fréiere Frënn a Bekannten, déi dës sadistesch Method voll a ganz ënnerstëtzt hun. Als Reaktioun dorop hu sech da verschidde Resistenzorganisatiounen zu Lëtzebuerg forméiert, an eng Parti vu couragéierte Stroossener Bierger hun natiirlech matgemach an de Risiko, dee fir dëst enorm war, mat a Kaf geholl. D'Schikane si virugaangen, Guillons hun d'Liewensmëttelkaarten entzu kritt an dorophi versicht séch duerchzuschloen andeem se sech eng Kou ugeschaaft, Grompere gezillt, Fierkele gehalen hun, déi natiirlech all agaange sin. Kannéngercher hun d'Kotelette vum Metzler ersat.

Méi a méi hun d'Preise sech organiséiert, fir der Resistenz Här ze gin. A wéi du fir d'Schueberfouer 1942 duerch de Gauleiter d'Wehrpflicht agefouert gouf, d'Populatioun opbruecht war an e Generalstreik proklaméiert gouf, koum ee vun der gieler Equipe, de Béierdepositär O., bei den Alphonse an de Bistro paradéiert. Hien as héichkanteg zur Dir erausgeflunn, well: „an dësem Bistro gët kee Lëtzebuerger Preis méi zervéiert", huet et geheescht, an dat war och esou, well e puer Woche méi spéit as den Alphonse Guillon mat sénger Familljen no Schlesien emgesidelt gin. Dëst war de 25. September 1942 mat der Ëmsidlungsnummer 063. Déi brong Gesellen haten domat erreecht wat se wollten, si waren e ‚Querulant' lass. Während déi aner Familljen, déi an der selwechter Situatioun waren, zesummen am Lager Leubus konnte sin, as den Alphonse Guillon als eenzegen eleng an en anert Lager komm, wahrscheinlech fir him eng „soziale Schulung" zoukommen ze loossen. D'Méiglechkeet, aus dem Lager erauszekommen, huet bestan, a munchereen huet dovu profitéiert. Wéi Guillons dat versicht hun, sin se ofgewise gin, well de Rapport aus der „Heimatsortsgruppe Strassen", den all Ëmsidler begleet huet, esou negativ war a schliesslech derzou gefouert huet, dass dem Alphonse séng Famill am Stroflager Jeschütz geland as. Hie selwer war während zwee Joer vu sénger Famill getrennt an as duerch verschidde Lagere geschleeft gin, bis Enn 1944, bei der Approche vun der russescher Arméi seng Wiechter sech aus dem Stëps gemaach hun. Doutkrank a kaum an der Lag fir ze goen huet hie sech op de Wee zu sénger Familje gemaach. Hien as muerges fréi vu Lëtzebuerger, déi op d'Aarbecht gaange sin, nieft der Gare vu Schildau font gin, déi hien dann am Lager



Boberstein ofgeriwwert hun. Wéi Mëtt Januar
lescht grouss Offensiv gestart huet, as eng Parti vu Boberstein op T
tere gesat gin, dorënner och d'Famill Guillon. Während zwéi Méint
Familjen an Eisenbunnswaggone gehaust, duerch Däitschland, iw
no Éisträich verschleeft, ausgesat den Ugrëffer vun der Aviatioun, d



*D'Famill Guillon vu Stroossen um Heemwee 1945*